N°4498
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles op d'dréngend parlamentaresch Fro n°4498 vum 20. Juli 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d'Rupture de stock vu Bensinn op den Tankstellen.**

1. **Kann de Minister confirméieren, datt et aktuell op eenzelen Tankstellen zu Lëtzebuerg zu enger Rupture de stock beim Bensinn komm ass? Falls jo, wat sinn d'Grënn dovunner a wéi vill Tankstellen an eisem Land sinn dovunner betraff?**

Momentan ass den Niveau vum Waasser um Rhäin extrem niddereg an doduerch ass d'Schëfffaart um Rhäin/Musel staark ageschränkt. Fir weiderhin hir Cliente mat Pëtrolsproduite beliwweren ze kënnen, hunn déi Importateuren, déi virdrun deelweis iwwer d'Musel beliwwert gi sinn, hir Liwwerketten upasse missten. An esou enger Situatioun kann all Perturbatioun vum Approvisionnement zu temporäre Liwwerengpäss féieren. Och an der Vergaangenheet hunn esou Situatiounen zu temporäre Liwwerengpäss gefouert. D'lescht Woch war dat de Fall fir een Acteur deen temporär, bis zu 10 Tankstellen, a Rupture hat. Zënter Ufank dëser Woch huet sech d'Versuergungssituatioun vun deem Acteur awer nees verbessert an d'Situatioun misst sech nees berouegen.

Insgesamt ass d'Versuergungsituatioun vu Lëtzebuerg mat Pëtrolsproduiten zwar ugespaant mee, trotz dem Niddregwaasser um Rhäin, ass d'Versuergung vum Land momentan assuréiert. An der aktueller Situatioun kann et awer ëmmer nees virkommen, datt verschidden Tankstellen temporär verschidde Produkter net offréiere kënnen. De Ministère suivéiert d'Situatioun an ass prett fir am Fall vu generaliséierte Versuergungsproblemer Pëtrolsreserven op de Maart ze bréngen.

Luxembourg, le 21/07/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles